



Eltère kann een, dee méi wéi 14 Joer huet, vum Justizminister autoriséiert ginn, eng Netfeierwaff ze halen, also zum Beispill ee Loftgewier.

Mä opgepasst! De Mannerjähregen därer d'Waff nëmme fir d'Sportschëissen a fir d'Juegd benotzen, an dat nëmme a Präsenz vun enger Persoun - dat heescht, d'Elteren, ënnert där hirer Responsabilitéit, oder enger erwuessener Persoun, déi scho méi wéi zwee Joer ee Waffeschäin huet. D'Benotze vun enger Waff ënnertläit also hei am Land bei de Mannerjährege ganz strikte Konditiounen.

Siwents, de Gesetzesprojet regelt och dat grenziwwerschreidend Benotze vu Waffe bannent de Memberstate vun der Europäescher Unioun. Dat spillt fir eng Waff, déi hei vu Lëtzebuerg an d'Ausland definitiv transferéiert gëtt. Dat ass de Fall, wann zum Beispill ee Belsch géif eng Waff bei engem Armurier hei zu Lëtzebuerg kafen.

De Justizminister muss iwwert deen Export vun der Waff informéiert ginn, an zwar, ier den Transfert stattfënnt. Ëmgedrëit, wann ee Lëtzeburger seng Waff mat an d'Ausland hält, fir op d'Juegd ze goen, muss e virdrun dofir d'Genehmegung an deem betreffende Land hunn. Fir dës Genehmigung am Ausland méi einfach kënnen unzefroen, kann de Lëtzeburger beim Justizminister en europäesche Waffepass ufroen. Dorops ass preziséiert, dass hien hei am Land de Waffeschäin huet, an och déi Waffen, wou en autoriséiert ass ze hunn.

Wann eng Persoun aus dem Ausland eng Waff op Lëtzebuerg bréngt, da muss si och dofir autoriséiert sinn. Zum Beispill ee Belsch, deen op Lëtzebuerg op d'Juegd kënnt, muss virdrun eng Autorisatioun vun dem Justizminister hunn. Praktesch geschitt dat duerch e Visa, also e Stempel, op säin europäesche Waffepass. Ouni dës Visa kann d'Juegdgewier net op Lëtzeburger Territoire agéouert ginn.

Den Transport schliesslech vun enger Waff hei am Land muss och esou gemaach ginn, dass ee vu baussen net erkenne kann, dass et sech ëm eng Waff handelt. Zum Beispill, wann een déi Waff um Récksätz vu sengem Auto leien huet.

Här President, dat waren déi Haaptpunkten aus dem Gesetzesprojet op eng méi praktesch Aart a Weis erkläert.

(Brouhaha)

Et handelt sech wéi gesot ëm Upassunge vum Waffegesetz. D'Gesetz soll an Zukunft awer méi fundamental reforméiert ginn. An de Gesetzestext, sou wéi en zum Vote läit, dee gouf och no verschiddenen Amendementer esou ofgeännert, well den Avis vum Statsrot dat verlaangt huet.

D'Commission juridique recommandéiert, dësen Text ze stëmmen. An ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An e grouse Merci un de Rapporteur Gilles Roth. Dat war ganz komplett, sou datt keen zousätzleche Riedner sech huet missen aschreiwien. Ech ginn dovun aus, datt et och fir de Justizminister komplett ass?

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - Ech wëll, well ech et virdru vergiess hat - mä e kënnt nach erëm, den Här Roth, fir säi Festival haut weiderzeféieren -, dem Här Roth villmools Merci soe fir deen ausféierleche Bericht.

Ech wollt zwou Saachen, Informatiounen ginn. E bësse Saachen, déi den Här Roth zum Schluss vu sengem Rapport gesot huet.

Éischtens ass et ganz kloer, dass mir weider schaffen op där fundamentalen Reform vum Waffegesetz zu Lëtzebuerg. Ech sinn ëmmer erëm, ech wëll net soen erfëiert, mä trotzdem e bësselchen iwwerrascht, wéi vill Waffeschäiner mer zu Lëtzebuerg hunn an duerfir och da legal Waffen, mat der Hoffnung, dass mer keng illegal Waffen hunn. Mir mussen also eng nei Reform maachen.

Dat Zweet ass, den Här Roth hat och vun de Sportschëisser geschwat. Ech wëll do soen, dass mer jo och gläichzäiteg e Règlement grand-ducal iwwert déi nei Taxé beim Statsrot leien hunn, wou mer wëllen engersäits d'Simplification administrative maachen, well de Service vun de Waffen am Ministère de la Justice, deen ass wierklech oft mat Aarbecht iwwerlaff, well mer déi vill Waffeschäiner hunn. Mir wëllen also kucken, dass de Waffeschäin méi laang geet, doduerch och Suen, also Zäit spueren. Mir wëllen och d'Demande méi einfach maachen. Gläichzäiteg wëlle mer awer dann déi Taxen och erhéijen, well een elo méi laang se kann halen.

Do war eng Diskussioun, wëll ech hei soen, mat de Sportschëisser iwwert deen europäesche Permis, well et nämlech och esou ass, dass d'Sportschëisser - déi Lëtzeburger - och an d'Ausland musse goen zum Deel, fir kënnen ze schëssen. Mir hu mat deene geschwat a mir

hunn do en Amendement un dee Règlement eraginn un de Statsrot, fir dann déi Tax net méi op 50 Euro ze setzen,...

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - ...mä op 25 Euro. Mir waarden op den Avis vum Statsrot, an da géife mer kucken, och dee Règlement esou séier wéi méiglech an der Regierung unzehuelen.

► **M. le Président.** - Merci nach fir déi Präzisioun dem Här Justizminister. Domadder wiere mer dann elo definitiv um Enn vun der Diskussioun a mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi kommen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6209 ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), MM. Fernand Boden (par M. Mme Christine Doerner), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par M. Ben Scheuer), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Da komme mer elo zum Projet de loi 6227, Direktiven iwwert d'Sociétés commerciales a Fusions- a Scissionsprozeduren. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo just ageschriwwen den Här Braz. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Léon Gloden. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

(Interruption et hilarité)

10. 6227 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales et portant transposition de la directive 2009/109/CE du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 modifiant les directives 77/91/CEE, 78/855/CEE et 82/891/CEE du Conseil ainsi que la directive 2005/56/CE en ce qui concerne les obligations en matière de rapports et de documentation en cas de fusions ou de scissions

Rapport de la Commission juridique

► **M. Léon Gloden (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, duerch de Gesetzesprojet 6227 setze mer d'Direktiv 2009/109 iwwert d'Obligations en matière de rapports et de documentation en cas de fusions ou de scissions an d'Lëtzeburgeresch Recht ëm. Doduerch gi verschidden Dispositiounen am Gesellschaftsrecht ëmgeännert.

Dësse Projet de loi gouf vum Justizminister an der Chamber de 14. Dezember 2010 depouéiert. Den Institut vun de Réviseurs d'entreprises huet säin Avis de 17. März 2011 ofginn. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis de 26. Abrëll ofginn. De Statsrot huet säin éischten Avis de 17. Mee gemaach. D'Chambre des Métiers huet de Projet de loi den 20. Juni aviséiert. D'Commission juridique huet an der Réunioun vum 22. Juni eng Rei Amendementer gemaach. An de Statsrot huet den 28. Juni säin Avis complémentaire ofginn.

D'Direktiv 2009/109, a soumadder och dësse Projet de loi, verfolgegt zwee Haaptziler: eng Simplification administrative vun der Prozedur, ënnert der Konditioun, datt d'Interesse vun Drëttpersounen respektéiert ginn, an zweetens d'Méiglechkeet, Dokumenter op den Internet-site ze setzen.

Am Kader vun enger Fusioon oder enger Scission muss en detailléierte Rapport opgestallt ginn, wou dra beschriwwen gëtt, wéi d'Fusioon oder d'Scission ofgewéckelt gëtt, wat fir eng Konsequenz d'Operatioun op d'Créancier an d'Salariéen huet. Dës Rapport muss ee Mount virun der Ofstëmmung den Aktionäre virleien.

Duerch dësse Projet de loi kënnen d'Aktionäre vun de Gesellschaften, déi duerch d'Fusioon oder d'Scission beträff sinn, decidéieren - à condition, datt all eenzelnen Aktionär, deen e Stëmmrecht huet, averstanen ass -, op esou e Rapport ze verzichten.

Gëtt op esou e Rapport verzicht a geschitt am Kader vun der Fusioon oder Scission eng Augmentation de capital oder eng Konstitutioun vun enger neier Gesellschaft duerch en Apport autre qu'en numéraire, also zum Beispill duerch d'Abbréng vum Immobilien, da muss awer e Rapport geméiss Artikel 26 (1) vum Gesellschaftsrecht, also e Rapport vun engem Réviseur d'entreprises gemaach ginn. Dës gëllt souwuel bei enger Fusioon wéi bei enger Scission.

Fir kloer ervirzesträichen, datt de Rapport ënnert dem Artikel 26 (1) nëmme néideg ass am Kader vun enger Augmentation de capital oder Konstitutioun vun enger neier Gesellschaft, hu mer déi betreffend Artikelen amendéiert. De Statsrot war zwar mat eiser Iwwerleeung d'accord, huet awer gemengt, eis Präzisiounen wiere superfétatoire. Mir hunn awer dës Präzisiounen baibehalen, well d'Commission juridique der Meinung ass, datt den Text domadder méi kloer ass.

Eng zweet Vereinfachung vun der Prozedur gesäit vir, datt, wann eng Gesellschaft op d'mannst 90% vun enger aner Gesellschaft hält an déi am Kader vun enger Fusioon absorbéiert, d'Approbatioun vun der Fusioon duerch d'Assemblée générale ënnert gewësse Konditiounen net méi néideg ass.

Am Kader vun enger Fusioon huet den Aktionär d'Recht, verschidden Dokumenter vun de betraffene Gesellschaften, ënnert anerem een État comptable intermédiaire, ze kucken.

D'Gesellschaften, déi op enger Bourse cotéiert sinn, mussen am Prinzip pro Semester hire Rapport financier publizéieren. Mam neie Projet de loi brauch esou eng cotéiert Gesellschaft net méi extra nach en État comptable intermédiaire virzubereeden, well se jo schonn e Rapport financier semestriel publizéiert huet.

Déi modern Kommunikatiounsméiglechkeete fannen och ëmmer méi hiren Nidderschlag am Gesellschaftsrecht. Duerch dësse Projet de loi kënnen betraffe Gesellschaften ënnert verschidden Konditiounen op engem sécuriséierte Site déi Dokumenter publizéieren, déi d'Aktionären am Kader vun enger Fusioon oder Scission konsultéieren kënnen. Sou brauch den Aktionär sech net méi op de Gesellschaftssätz ze déplacéieren.

An dësem Kontext ass ervirzesträichen, datt Lëtzebuerg net d'Option zrëckbehalen huet, fir datt de Projet de fusion nëmme am Internetsite publizéiert ka ginn. De Mémorial ass déi eenzeg Plattform fir esou offiziell Dokumenter.

Laut aktuellem Artikel 268 (1) vum Gesellschaftsrecht kann de Créancier vun de betraffene Gesellschaften an enger Fusioon oder Scission e Recours beim Gericht maachen, wann e mengt, datt duerch esou eng Operatioun seng Créancé menacéiert wieren.

Mat dësem Projet de loi gëtt dësen Text preziséiert. De Créancier muss de manière crédible bewiesen, datt d'Fusioon oder d'Scission e Risiko fir seng Rechter duerstellt an datt d'Gesellschaft him keng aner gläichwäerteg Garantie ginn huet.

Finalement hu mer an der Commission juridique eng Disposition transitoire agebaut, fir kloerzestellen, datt, wann dës Gesetz applicabel gëtt, et sech nëmme uwennt op d'Fusions- a Scissionsoperationen, wou de Projet de fusion nach net am Mémorial publizéiert ass. De Statsrot war domat averstanen. Hien huet just eng Textännerung virgeschloen, déi mir och ugehall hunn.

Zum Schluss ginn ech dann den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - An ech soen dem Här Gloden Merci. Wéi gesot, et ass hei kee Riedner ageschriwwen.

(Interruption)

Den Här Justizminister wëllt kuerz eppes soen.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.** - De Justizminister seet dem Här Gloden

villmools Merci fir deen ausféierleche Bericht an en huet deem näischt derbäizefügen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och dem Justizminister. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6227 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), MM. Fernand Boden (par M. Raymond Weydert), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Félix Eischen), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel (par M. Ben Scheuer), Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri (par Mme Claudia Dall'Agnol), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Fernand Diederich);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);

MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6237 iwwert den Ënnerhalt. Och hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Hei hu sech ageschriwwen den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Roth. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

11. 6237 - Projet de loi portant mise en application du Règlement (CE) n°4/2009 du 18 décembre 2008 relatif à la compétence, la loi applicable, la reconnaissance et l'exécution des décisions et la coopération en matière d'obligations alimentaires, modifiant le Nouveau Code de procédure civile

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Härren, zënter dem 18. Juni regelt en europäescht Règlement déi grenziwwerschreidend Exekutioun vu Justizuerfeeler am Beräich vun den Alimentefuerderungen. D'Prozedur gëtt staark vereinfacht. Kuerz gesot: Eng Décisioun, déi zum Beispill am Kader vun enger Scheedung vun engem Gericht vu Bréissel eng Alimentebezuellung festsetzt, kann elo ouni weider Formalitéiten hei am Land exekutéiert ginn.

Fir dass dat europäescht Règlement dann elo effektiv zum Droe kënnt, musse mir eng Rei Ausféierungsbestëmmungen an eise Code de procédure civile aschreiwien. Den europäesche Rechtsraum hält deemno och um Plang vun dem Zivilrecht ëmmer méi konkret Formen un. An et ass dat den direkten Notze fir den eenzelne Bierger.

Nun, op wat fir eng Alimenter bezitt sech dann dat Règlement? Mä op all Alimentebezuellungen, déi am Kontext vun enger Familijsituatioun, enger Verwandtschaft oder engem Bestietnis ageklot ginn. D'Reglement leet fest, viru wat fir engem Gericht ech eng Alimente-



bezuellung kann akloen. Zoustänneg ass an der Regel d'Gericht vun deem Land, wou déi Persoun, déi d'Alimenter schëlleg ass, wunnt. Mä et kënne sech och d'Gerichter zoustänneg erkläre vun deem Land, wou een, deem d'Alimenter freet, seng Residenz huet.

Eng Fra, déi zu Arel wunnt an déi gären Alimenter hätt vun hirem Mann, deem hei am Land wunnt, kann dat souwuel virun engem Lëtzebuerger Gericht maache wéi och virun engem Gericht zu Arel froen. D'Reglement gesäit deemno méiglechst breet Zoustännegkeetskriterien vun de Gerichter vir.

Dem Bierger kënnt een esou wäit wéi méiglech entgéint. Zum Beispill zwee Griichen, ausser ee vun hinne wier mannerjähreg, kënne sech an enger Konvention ennereneen eens ginn, dass d'Gerichter hei am Land zoustänneg géife ginn, fir iwwer hiren Alimentesträit ze decidieren. D'Lëtzebuerger Gerichter kënne sech souguer zoustänneg erklären, fir iwwer Alimenter ze befannen am Fall, wou eigentlech e Gericht aus engem drëtten Stat zoustänneg wier. Zum Beispill zwee Amerikaner, déi nëmmen zäitweilich sech géifen hei am Land ophalen, ouni awer effektiv hei ze wunnen.

Wann eng Gerichtsprozedur virun engem Lëtzebuerger Gericht unhängeg ass, dann hunn déi betraffe Parteien d'Recht op eng sougenannten Assistance judiciaire. Si sollen esou hir Rechter effektiv kënne geltend maachen. Dat geet vun der juristescher Berodung virun a während dem Prozess bis zu dem Iwwerhuele vun de Gerichtskäschten, der Iwwersetzung vun den Dokumenter, jo souguer bis zum Iwwerhuele vun den Transportkäschten, wann déi physisch Präsenz vun enger Partei virun engem Lëtzebuerger Gericht néideg ass.

Mä opgepasst! Assistance judiciaire heescht net onbedéngt alles gratis. D'Iwwerhuele vun den Affekoten- a Gerichtskäschten duerch de Lëtzebuerger Stat geschitt no den Akommes- a Vermögensverhältnisse vun der betraffener Partei, geméiss de Kriterien, déi och hei am Land op d'Assistance judiciaire sech applizéieren. Déi voll Gratuitéit spillt just an onofhängeg vun allen Akommeskriterien, wann d'Alimenter ageklot gi vun enger Persoun, déi manner wéi 21 Joer al ass.

Dir gesitt also, dass den Zougang zur Justiz an der Praxis esou einfach wéi méiglech gemaach sollt ginn. Mä wéi gesot, des Regele spillen nëmmen a grenziwwerschreidende Fäll. Selbstverständlech stinn engem Lëtzebuerger déiselwecht Rechter och an engem aneren EU-Land zou.

Wichtigste Punkt ass awer ouni Zweifel déi automatesch Unerkennung vu Gerichtsuerteeler am Kontext vun Alimenterkloen. Des Regele zielt tëschent all Länner vun der Europäescher Unioun, mat Ausnahm vun Dänemark an England. Des zwee Memberstaaten hunn de sougenannte Protokoll vu La Haye aus dem Joer 1977 nämlech net ratifizéiert.

Ee Gerichtsuerteel aus Italien, wat eng Alimentebezuelung festsetzt, muss hei am Land ouni weider Noprüfung exekutéiert ginn. Et brauch deemno weder eng Unerkennung vun deem Uerteel duerch déi Lëtzebuerger Autoritéiten nach iergendwellech Formalitéite vusäiten den italienesche Gerichter.

All Land muss eng zentral Autoritéit hunn, déi sech ëm all Prozeduren am Kontext vun dem Règlement bekëmmert. Hei am Land gëtt dat de Procureur général. Dat heescht, dass e portugisescht Gerichtsuerteel, wat eng Alimentebezuelung festsetzt, vun de portugiseschen Autoritéiten hei un de Parquet général geschéckt gëtt, an de Parquet général, dee bekëmmert sech dann drëms, dass déi Alimenter, déi geschéllt ginn, effektiv agedriwwen ginn.

Dofir kritt de Parquet général als zentral Autoritéit Zougang zu allen Informatiounen, zum Beispill vun de Sozialversécherungen, de Pensions- a Krankekeesen, dem Fonds national de solidarité, dem Arbeitsamt an och dem Kadaster, fir déi néideg Donnéeën ze ermëttelen a fir d'Suen anzedreiwen. De Procureur général kritt souguer d'Recht, fir Nofuerschungen iwwert d'Akommes- an d'Vermögensverhältnisse vun enger Persoun bei enger privater Bank ze maachen. Dëst ass och e reellen Agrëff an eist Bankgeheimnis.

Opgrond vun dësem europäesche Règlement kritt de Procureur général am Kontext vun dem Zivilrecht Asiicht op enger Privatpersoun hire Bankkonto. Mä opgepasst! Dëst Règlement spillt nëmme fir grenziwwerschreidende Gerichtsprozeduren. Et applizéiert sech net op e reng Lëtzebuerger Prozess. An deene Fäll ännert sech nämlech näischt.

D'Informatiounen, déi de Procureur général kritt, dierf hien nëmme fir d'Bedierfnisse vun den Alimentebezuelunge benotzen. D'Informatiounen kënne net an aneren Affären zielen. Si kënne och net un aner Autoritéite weidergereicht ginn, zum Beispill fir d'Steieren.

De Procureur général kritt Zougang zu deene verschiddenen öffentlechen Datebanken. Hie muss sech informatesch awer identifizéieren, wann hien esou ee Fichier consultéiert. Duerch gesäit een, wie wat fir ee Fichier zu wat fir enger Zwecker gekuckt huet. Eis national Dateschutzkommissioun ass mat der Prozedur fir en Zougang zu den Datebanken och d'accord.

Här President, d'Ëmsetze vun europäesche Rechtsinstrumenter ass oft méi wéi en einfachen Exercice de style. Et seet een oft séier jo zum Prinzip vun dem fräie Persouneverkéier, mä dat bréngt heiansdo méi oder manner breet Aschnëtter an eist allgemengt reng Lëtzebuerger Rechtsversteesdemech mat sech. D'Commission juridique war sech däers iwwregens zesumme mat dem Justizminister bewosst. An d'Kommissioun recommandéiert, dese Gesetzesprojet ze stëmmen.

Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Gilles Roth Merci. Et ass kee weidere Riedner ausser dem Här Henckes agedroen. Dofir kritt elo nach den Här Henckes d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - Merci, Här President. Dem Här Roth als Rapporteur Merci. E wor ganz explizit a sengem Schrëftlechen, mä och a sengem mündlechen Bericht.

Mat dësem Prinzip ass et richtig, dass ee bei de Pension-alimentaire muss hëllefen, dass déi kënne bezuelt ginn un déi Leit, déi se zegutt hunn. Well soss kënne d'Uerteeler net exekutéiert ginn; soss gëtt et kee Rechtsraum méi, notament bei den Divorcen.

De Prinzip ass och konform zum Uerteel vum 18. November 2010 vum Europäesche Mënscherechtsgericht, wou Frankräich condamnéiert ginn ass, fir seng Prozeduren an der Matière vun der Exequatur, wéi dat bis elo de Fall ass, ze accélérieren, fir datt innerhalb vun 48 Stonnen esou Uerteeler kënne duerchgezu ginn.

En ass och konform zu der Konvention vu La Haye, där aler an och där neier vun 2007, déi elo soll ratifizéiert ginn.

Mä dat Eenzezt, wat ech bedauern, ass, dass dat heiten iwwer e Règlement européen agefouert gëtt, e Règlement européen, wou d'Proposition fir d'Éischt 2005 dolouch, déi net an d'Commission juridique vum deemolegen - ech widderhuelen dat: deemolegen - Justizminister bruecht ginn ass.

Well et wier awer derwäert gewiescht, fir doriwwer ze diskutéieren, d'autant plus, dass elo dee Règlement européen jo „d'application directe“ ass. Dat heescht, dass e vum 18. Juni 2011 elo schonn d'application ass, egal wat mir hei decidieren. Mir huelen hei just nach eng Mise en conformité vun deem europäesche Règlement. Mä et gëtt awer nach praktesch Schwierigkeiten, op déi ech wëll agoen.

Éischters ginn an Europa eng 2,2 Milliounen Leit pro Joer bestuet. 350.000 dovunner si binational. An et gëtt ongeféier eng 160.000 Divorcen ënnert deene Binationalen. An Absence vun enger europäescher Rechtskonvention, déi festleet, a wellechem Land d'Gerichter zoustänneg sinn, fir iwwert den Divorce ze decidieren, ass et ganz schwierig a kënnt et oft zu ganz ville Streidereien an zu kontradiktoreschen Uerteeler.

Dofir begrësse mer, dass d'Commission européenne elo hiegeet an eng Proposition gemaach huet, fir d'Divorcekompetenzen an de Länner festzeleeën. Déi gëtt elo am Europäesche Parlament diskutéiert. Mä et wier awer och wichtig, dass mir hei kéinten doriwwer diskutéieren, well et ass eng wichteg Saach.

Mä et ass mat ganz ville praktesche Schwierigkeiten verbonden, an doduerch gëtt et dann natierlech och Risiken, soulaang wéi déi Konvention net besteet, bei Décisiounen beispillsweis a Rumänien, beispillsweis a Bulgarien oder an anere Länner, wou een net onbedéngt ganz sécher ass, wéi déi Uerteeler do zustane kommen, a wou et ganz vill Kritike gëtt zu den Uerteeler, dass den Ablack kontradiktoresch Décisiounen kommen.

Wa mer dëst Gesetz elo stëmmen, da kënne déi exekutéiert ginn, ouni datt iergendeng Kontroll ka bestoen. Dat ass eppes, wou mer bedauern, dass dat esou ass, well do gëtt et effektiv ganz staark Problematiken, wat déi Länner ugeet, mä och an anere Länner. Mä grosso modo ass et awer och eng positiv Bewäertung

vun der Saach fir Lëtzebuerger, déi Créancier sinn am Ausland.

Da muss een och eng Differenz feststellen, an den Här Rapporteur huet dat gesot, dass ass, dass de Procureur général hei zu Lëtzebuerg elo muss nosiche bei sämtleche Banken, ob net en Débiteur vun Alimenter hei zu Lëtzebuerg e Kont huet, a wat fir enger Bank, an e muss dat dann dem Créancier matdeelen. Wann de Lëtzebuerger Créancier elo datselwecht wëllt, well en Alimenter zegutt huet, da kann de Procureur em net hëllefen. Och de Juge de paix net. Wann en also zu Esch wunnt, muss e sech op Audun-le-Tiche domiciliéiere loossen an deem Dag drop muss de Procureur him déi Informatiounen ginn.

Esou wäit si mer elo komm, an dat fanne mer net gutt. Dofir wäert d'ADR dësem Projet hir Zoustëmmung net ginn.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Henckes. D'Wuert kritt elo den Här Justizminister François Biltgen.

► **M. François Biltgen**, *Ministre de la Justice*. - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir kënne vill iwwer Däitsch-Oth schwätzen; ech kennen dat Duerf relativ gutt. Ech weess net, ob do an Zukunft, niewent all deene Leit, déi do wunne ginn oder och emol heiansdo do akafe ginn, Leit do géife Gerichts-demande maachen.

Mä ech wëll emol fir d'Éischt nach eng Kéier dem Här Roth Merci soe fir säi Bericht iwwer e ganz komplexe Projet. Mir hunn, dass ginn ech gären zou, e bëssen Zäit gebraucht bei eis am Justizministère bis mer de Projet deponéiert hunn, well e komplex Froen opwerft. Den Här Henckes huet déi zwou Haaptkomplexfroen hei opgeworf: d'Reglement, a wéi mer dat hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen.

Verschidden aner politesch Prinzipien waren zu Lëtzebuerg. Ech kommen nach eng Kéier op de Prinzip vum Règlement zréck. E Règlement ass effektiv „directement applicable“, mä dat wëllt awer net soen, dass doduerch d'Gesetz automatesch geännert sinn. Dat ass esou eng ganz Diskussioun, déi mer mam Statsrot haten. Mir haten an enger éischter Phas d'Reglement Detail fir Detail ëmgesat. An de Statsrot sot: Neen, legistescht ass dat falsch. Do, wou d'Reglement eppes seet, ass dat publizéiert am Règlement; an do, wou da musse Bestëmmungen ëmgesat ginn, fir d'Reglement kënne ze applizéieren, mussst Der dat am Gesetz maachen. Ech mengen, do si mer eis eens.

Et muss ee jo och net vergiessen, dass et mëttlerweil zënter dem Lissabonner Vertrag eng nei Prozedur gëtt, wou Är Chamber sech strikt drun hält. Dat huet also näischt, Här Henckes, mat mengem Virgänger ze dinne, deen hei hätt wëllen d'Chamber court-circuitéieren. Mä fréier war et esou, dass d'Reglementer net am Virfeld an der Chamber diskutéiert goufen. Zënter dem Lissabonner Vertrag ass dat esou. An der Commission juridique gi jo dofir dauernd och déi Tests de subsidiarité gemaach. Dir wësst och, dass ech lech regelméisseg ënnerehalen iwwert dat, wat um europäesche Plang geschitt.

An deem heite Règlement hat Lëtzebuerg ee grouse Problem, deen Dir u sech opgeworf hutt, nämlech, dass elo géifen déi, déi vu bausen eran Hëllef froen, méi Hëllef kréien iwwert de Procureur général wéi déi, déi heibanne sinn.

Dozou zwou Saachen: Fir d'Éischt ass et emol kloer, dass een, deen heibannen ass, souwisou méi outilléiert ass, fir bei d'Instanzen ze goen a bei seng Affekoten, wéi een, deen dobaussen ass. Dat ass dat Éischt.

Dat Zweet ass awer, dass mir eis deemools ganz schweiergedoen hunn als Lëtzebuerg, zesumme mat den Engländer, fir dat Règlement esou unzuhuelen, wéi d'Kommissioun et virgeschloen hat. Well wann een nämlech hei alles mécht, fir de Leit ze hëllefen, da muss een einfach wëssen, dass een dann an dësem Fall vun der Obligation alimentaire de Secret bancaire a Fro stellt. Dir wësst, dass mir zu Lëtzebuerg d'accord sinn, de Secret bancaire net als Bibel unzegesinn, mä do, wou de Secret bancaire abusé mat sech bréngt, ze soen, mä da muss

ee géint d'Abusé goen. Mir sinn awer nach ëmmer fir de Secret bancaire.

Ech hu bis elo net an der Chamber an och net vun Ärer Partei, Här Henckes, héieren, mir missten elo de Secret bancaire hei ofschafen. Dat ass déi grouss Fro. Dat ass déi grouss Fro. Wa mer hei wëllen de Leit méi Hëllef gi bei den Obligations alimentaires, da musse mer effektiv hei soen, ma da gi mer iwwerall kucken, op alle Banken, wou do Konte sinn, an dann hu mer de Secret bancaire de facto ofgeschaaft.

D'Lëtzebuerger Regierung ass der Meenung, dass de Secret bancaire u sech net schlecht ass, dass de Secret bancaire u sech gutt ass, well do si mer och erëm eng Kéier an der Protection de la vie privée, beim Secret bancaire. Et huet genee eppes mat darselwechter Philosophie ze dinne. An dass mer de Secret bancaire do sollen a Fro stellen an och nëmmen esou wäit sollen a Fro stellen, wéi effektiv en iwwergeuerdneten Interessi kann entgéintstoen, dass maache mer regelméisseg, mä mir maachen awer net méi wéi dat, wat muss sinn, fir de Secret bancaire anzeschränken.

Duerfir hu mer bei dësem Gesetz déi Décisioun geholl, an der Regierung, wéi mer de Projet de loi déposéiert hunn, an och mat lech zesummen an der Kommissioun, fir eben hei ze soen, hei maache mer dat, wat néideg ass, fir drunzekommen, fir dass mer kënne déi Obligations alimentaires uerdentlech exercéieren, an duerfir gi mer och net esou wäit hei intern wéi extern.

An nach eng Kéier: Et si kaum déi Leit, déi vun Audun-le-Tiche, Däitsch-Oth wéi mir Escher soen, hei eriwierkommen, mä et sinn der, déi iergendwou setzen an déi wierklech Obligations alimentaires hunn, an duerfir hu mer déi zentral Stell geschaf, beim Parquet général déi zentral Stell geschaf, fir dass déi do kënne gehollef kréien.

Hei zu Lëtzebuerg gi mer awer nach ëmmer dovunner aus, dass déi Obligations alimentaires kënne uerdentlech exekutéiert ginn. Ech mengen, dass och de Fall, an duerfir géif ech lech bieten, deen Text hei esou ze stëmmen, wéi mir lech e virstellen.

► **M. le Président.** - Merci, Här Justizminister. Domat si mer um Enn vun dëser Diskussioun an d'Ofstëmmen iwwert de Projet fänkt un.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dis-

pense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6237 ass ugehall mat 52 Joestëmmen, géint 1 Nee-Stëmm an 2 Enthaltungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6237 est adopté par 53 voix pour, 2 voix contre et 2 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), MM. Fernand Boden (par M. Jean-Paul Schaaf), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Christine Doerner), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel (par M. Ben Fayot), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, M. Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Ben Scheuer);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Henri Kox).



d'Chamber online op

www.chd.lu



Ont voté non: MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen et Jacques-Yves Henckes.

Wëllt ee seng Abstentiuon begrënnen?

(Négation)

(Interruptions)

Mir kucken dat no, da gëtt dat redresséiert.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

De leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 6304A iwwert d'Organisation judiciaire. D'Riedezäit ass och hei nom Basismodell festgeluecht a bis elo huet sech ageschriwwen just den Här Braz. D'Wuert huet elo...

(Interruption)

Och den Här Braz renoncéiert op säi Bäitrag, duerfir kritt dann elo d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, nach eng Kéier den honorabelen Här Gilles Roth.

12. 6304A - Projet de loi portant modification des articles 24 et 39 de la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire

Rapport de la Commission juridique

► **M. Gilles Roth (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, op eise Gerichter, do gëtt et dëst Joer e waarmen Hierscht. Zumindest véier grouss Affäre wäerten ab dem Oktober virun eis Strofgerichter kommen, dorënner d'Affär iwwert de Luxair-Accident, déi ab dem 10. Oktober dann endlech soll jugéiert ginn. Dës Affäre wäerten, jiddwer eenzel, eng ganz Rei vu Sitzunge brauchen. Si daueren op jiddwer Fall méi wéi e puer Wochen.

Et besteet deemno e reelle Risiko, dass zum Beispill e Richter wéinst Krankheet oder engem eventuellen aneren Empêchement ausfällt. An deem Fall misst dann de Prozess entweder ënerbrach ginn, oder de betraffene Richter misst duerch en anere Magistrat ersat ginn, wat als Konsequenz hätt, dass de Prozess viru Geriicht erëm vu vir misst ufänken. Dat wier schlecht fir all d'Bedelegt, et géif och dem Image vun der Justiz schueden.

Fir dat ze verhënnere, gëtt mat dem Gesetzesprojet vun haut d'Méiglechkeet agefouert, fir a bestëmmte Prozesser virun engem Strofgeriicht, gläich vun Ufank un, een oder méi zousätzlech Richter ze bestëmmen. Dës sougenannte Supplementar- oder Ersatzmagistrate setzen da vun Ufank u mat an der Richterkomposition. Sollt ee vun de Kollegee während dem Prozess verhënnert sinn, fir am Prozess ze setzen, da spréngt den Ersatzrichter an. D'Affär kann deemno normal virgoen.

D'Méiglechkeet vun esou engem Ersatzrichter, fir während engem Prozess anzesprangen, besteet bis zur Verkënnegung vun dem Uerteel. Et ass also méiglech, dass no dem Unhéiere vun den Zeien, den Experten, de Beschëllegten, de Plaidoyere vun den Affekoten e Richter ausfällt, an da säin Ersatz eréischt während dem Délibéré kann asprangen. A fir dass dese Richter d'Affär och matkrut, sëtzt hie vun Ufank un an de Sitzungen derbäi.

Et besteet d'Méiglechkeet, fir een oder méi Ersatzrichter fir e Prozess ze bestëmmen. Si sprangen dann an der Reiefolleg vun hirer Designatioun an. Dëst däreft am Prinzip no dem Rang d'ancienneté vun de bestallte Richter geschéien. An der Praxis wäerten dës Ersatzrichter an den Affären och uewen op dem Richtersiege setzen.

Mä opgepasst! D'Bestëmmung vun esou Ersatzrichter heescht net, dass dës Affären elo vu méi wéi dräi Richter solle jugéiert ginn. Fält kee Richter aus der Basiskomposition aus, kënn den Ersatzrichter net zum Zuch.

Mir erfannen d'Rad awer och hei net nei. D'Méiglechkeet vun der Bestëmmung vun Ersatzrichter gëtt et schonn a Frankräich. Et ass och un der franséischer Gesetzgebung, wou mir eis hei inspiréiert hunn. D'Bestëmmung vun Ersatzrichter zielt virun de Bezirksgerichter hei an der Stad an zu Dikrech, souwuel virun dem Correctionnel wéi och de Kriminalkummeren. Dës Méiglechkeet spillt och bei den Appel-Affäre virun der Cour supérieure de justice hei an der Stad.

D'Bestëmmung vun Ersatzrichter spillt nëmme bei Penal-Affären. Bei den Zivilgerichter respektiv op dem Verwaltungsgericht ass dat och net néideg. Firwat? Mä well hei d'Prozedur schrëft-

lech ass. Déi néideg Ännerunge schreiwe mir an eist Gesetz iwwert d'Justizorganisation an.

Här President, et ass e bëssen eng ongewéinlech legislativ Prozedur, déi mir an dësem Fall maachen. D'Bestëmmung iwwert d'Ersatzrichter war ursprénglech en Deel vun dem Gesetzesprojet iwwert de Rekrutement vun den Attachés de justice, dat heescht de jonke Richter, deen och ënner anerem nach ëm d'Formation vun de Richter dréit, d'Opstocke vun den Effektiver vun de Richter, d'Avancement an de Carrière vu verschide Richter, dem Justizprivileg vun de Magistraten an der Komposition vun dem Jugendgericht.

D'Bestëmmung iwwert d'Ersatzrichter gouf erausgeholl, well se soss net méi an der Chamber fristgerecht hätt kënnen ofgestëmmt ginn, well de Luxair-Prozess, dee soll den 10. Oktober ufänken, mä déi éischt öffentlech Chambersitzung an der nächster Sessiou fënnt awer eréischt virausiichtlech den 11. Oktober statt.

Här President, mir leeschten also haut hei wierklech konkret Aarbecht, an d'Justizkommission recommandéiert och dofir, dese Gesetzesprojet ze stëmmen. Ech gi fir mäin Deel d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och hei nach eng Kéier eisem Rapporteur Gilles Roth. Wéi gesot, et ass kee Riedner ageschriwwen. Ech ginn och dovun aus, datt de Minister just wëllt... Ah, de Minister wëllt awer nach eng Kéier intervenéieren. Da kritt de Minister d'Wuert.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll awer als Justizminister e puer Wuert soen zum gesamte Projet de loi, wou mer hei nëmmen een oder respektiv zwee Artikelen erausgeholl hunn an als eegene Projet de loi gemaach hunn. Et ass nämlech e Projet de loi, dee bei eis am Haus, mä deen och an der Justiz als ganz wichteg ugesi gëtt.

Virun allem reforméiere mer - an duerfir hoffen ech och, dass mer am Hierscht mam Rescht vum Projet kënnen weiderfueren, soubal mer dann de ganzen Avis vum Statsrot hunn - de Stage vun de Richter, vun de sougenannten Attachés judiciaires. Mir hunn...

Kéint ee vläicht just d'Dier do zoumaachen, well et zitt schrecklech eran? Merci!

Doduerch, dass déi ganz Affekotenausbildung reforméiert ginn ass, kenne mer an Zukunft net méi den Avoués-Examen, wéi déi, déi en nach gemaach hunn - zu deenen ech och zielen -, en nach kannt hunn. Et ass ëmmer op deem, wou d'Richter rekrutéiert gi sinn.

Mir mussen also eppes Neies maachen, a mir wollte bei deem Stage nu wierklech neien Iwwerleeunge Rechnung droen, nämlech där vun der Indépendance de la justice an där och vun der Effektivitéit vun engem Stage, wou net nëmme gekuckt gëtt, wat ee weess, mä och gekuckt gëtt, wat ee kann.

Dat heescht, mir gesinn dese Projet schonn e bësselchen als Virreider vum zukünfte Conseil national de la justice, dee soll d'Richter nennen, d'Richter och an hirer Disziplin begleeten an d'Richter och an hirem Avancement begleeten. Dat heescht, et ass net méi de Minister, deen elo géif d'Richter nomméieren, proposéiere fir ze nomméieren, mä an Zukunft e Conseil national de la justice, an duerfir hu mer hei schonn eng Commission indépendante geschaf.

Dat Zweet ass, dass mer och e bësselchen d'Gehälterreform hei virewechhuelen, andeem mer soen: Gutt, du muss natierlech vill Droit kënnen - wann s de keen Droit kanns, kanns de net Richter ginn -, mä e gudde Jurist ass net onbedéngt e gudde Richter! Duerfir verlängere mer de Stage a mir kucken en och méi praktesch ze maachen, an och net méi direkt d'Richter zum Beispill als Friddensrichter anzesetzen. Déi Attachés de justice géifen da just agesat ginn do, wou Compositions collégiales sinn, well ee jo am Stage, no eiser neier Philosophie, déi mer elo wëllen an Zukunft duerchsetzen, dann net méi schonn e fäerdege Richter ass oder e fäerdege Statsbeamten ass.

Dat ass also den Haaptgrond vun deem dote Projet. Mir hu versicht, e puer aner Problemer mat ze léisen, an ech wëll ee besonnesch hei ervirhiewen, well dat eng Diskussioun war an dëser Chamber, wéi mer gekuckt hunn, dass bei dem Tribunal administratif e Richter bäikomm ass. An Zukunft kënnen mer d'Attachés de justice och op en Tribunal administratif schecken, fir do auszuhëlfen, wat bis elo net de Fall war, well et ass gefaart ginn, mir hätten awer net genuch Leit bei den Tribunaux administratifs, och no deenen neie Richter. Mir hu schonn deemools gesot, mir géifen dat heite wëllen esou ëmsetzen. An duerfir, och op deem Punkt ass e wichteg.

Mir wëllen eppes Weideres maachen an deem Projet, nämlech wëlle mer kucken, dass an Zukunft nach just Richter Richter sinn, an net Affekoten. Mir hunn zurzäit de System nach ëmmer, dass en Affekot och ka Richter sinn, wann et u Richter feelt. Mir mengen, dass dat net gutt wier, wat d'Séparation des pouvoirs ubelaangt, an duerfir schloe mer vir, dass déi, déi elo als Affekot och kënnen Richter sinn, Suppléantsrichter sinn, och an Zukunft dat kënnen sinn, mä keng nei méi nomméiert ginn. Da mussen mer méi Richter astellen.

An ech mengen, et ass méi richtig, mir hunn do Richter. Ech wëll net soen, dass déi Leit hir Aarbecht schlecht maachen, mä et ass fir de Client, deen am Sall sëtzt, oft heiansdo ganz komesch, dass, fir d'Éischt gesäit en den Affekot streiden, an da gesäit en en op eemol Richter spillen. Do ass net ëmmer nozovollzéie fir en normale Bierger, wat dat dote soll; och wann déi Leit wierklech an der Regel hir Aarbecht méi wéi gutt maachen.

Dann ass et och esou, dass mer effektiv an deem Projet virgesinn haten, dat doten ze maachen, wat mer elo haut stëmmen - do kommen ech nach eng Kéier drop zrëck. Eng weider wichteg Saach, déi mer an deem Projet virgesinn haten, dat ass ze kucken, zum Beispill - dat ass nämlech och e Wunsch vu ville Leit hei aus der Chamber gewiescht - bei de Jugendgerichter, beim Appel dräi Richter setzen ze loossen an net méi een, wéi dat an der Vergaangenheet war. Och dat ass eppes, wat zum Beispill vum ORK ëmmer erëm gefuerdert gouf.

An da wëlle mer och nach zum Schluss de Privileg de juridiction ofschafe fir d'Magistraten an d'Officiers de police judiciaire, deen eigentlech kee Privileg de juridiction ass, well de Privileg de juridiction heescht, dass een nëmmen eemol ka bei de Richter goen, dass ee keen Appel eigentlech huet. Dat wëlle mer also och ofschafen.

Mir wollten och, wëll ech hei soen, bei der Cassation Leit bäisetzen, well do hu mer wierklech e Problem. Mir sinn eis awer elo eens ginn an der Regierung, dass mer elo emol nach waarden, wéi wäit mer an der Chamberskommission mat der Verfassungsreform kommen a mat der neier Cour suprême. Ech hunn awer an der Regierung gesot, dass, deemno wéi et wier, mir awer missten en cours de route eppes bei der Cour de cassation änneren, well de Problem ass, dass et do eng Kéier de Risiko ass, och opgrond vun der Jurisprudenz vu Stroossbuerg, dass mer net genuch Leit hätten.

Voilà, zum Schluss nach zu deem heite Projet de loi: Mir huelen also eppes hei virewech, wat mer an deem gesamte Projet virgesinn haten, mä vu dass dee Projet am beschte Fall kann den 11. Oktober hei gestëmmt ginn, also eréischt da kuerz drop kann a Kraaft treden, an deen éischte vun deene véier Prozesser, deen den Här Rapporteur hei ernimmt huet, schonn den 10. Oktober ufänkt, sinn ech frou, dass mer hei op de Wunsch vum Procureur général geäntwert hunn, an och de Statsrot hei matgehollef huet, dass mer déi heiten Dispositioun vir huelen.

Mä ech wëll just soen, fir mech ass de Rescht vum Projet gradesou wichteg, an ech hoffen, dass mer dann am Oktober och kënnen de Rescht vum Projet hei stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- An ech soen dem Justizminister Merci. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss, an och hei komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6304A ass ugeholl mat 58 Jo Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), MM. Fernand Boden (par Mme Christine Doerner), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel (par M. Ben Scheuer), Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Fernand Diederich), MM. Roger Negri (par M. Ben Fayot), Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Claude Haagen);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Fernand Etgen), Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par M. Félix Braz), Félix Braz, Camille Gira (par M. Henri Kox), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domat si mer och schonn um Enn vun eiser Sitzung ukomm. D'Chamber kënn muer ëm hallwer dräi nees zesummen.

D'Sitzung ass opgehewen.

(Fin de la séance publique à 18.14 heures)

Chamber TV

weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz

•

Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Bërmereng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHz

•

Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt, Ollem a
Nouspelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

•

An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

www.chd.lu

599